



Groupe parlementaire

Dépôt: Fernand Kartheiser

6  
MOTIOUN

Lëtzebuerg, de 14. Dezember 2022

Projets de loi n° 8080 & n° 8081

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- déi gewerkschaftlech Fräiheet e garantéiert politescht a soziaalt Recht ass, dat säin Nidderschlag esouwuel an der Verfassung wéi och an internationale Konventiounen fënnt;
- Lëtzebuerg iwwert eng stolz Traditioun vu gewerkschaftlech Engagement a gewerkschaftlecher Autonomie verfüegt, déi e wesentleche Pilier vum Lëtzebuerger Sozialmodell duerstellen;

ass sech bewosst, datt

- déi gewerkschaftlech Aarbecht a Krisenzäite méi wichteg ass wéi jee;
- d'Gewerkschaften hir gesellschaftlech Verantwortung nëmme realiséieren kënnen, wann hir Memberen, souwuel privat Salariéer wéi och Staats- a Gemengebeamten iwwert déi néideg rechtlech Sécherheet verfügen, datt si fir hiren Engagement absolut keng negativ Konsequenzen musse fäerten (wéi z.B. d'Gefor vu berufflechen Nodeeler, vun Diskriminéierung, Versetzung, vu juristesche Prozeduren, an esou weider);

fuerdert d'Regierung op,

- déi gewerkschaftlech Onofhängegkeet a Fräiheet vollëmfänglech ze respektéieren a konsequent ze schützen.

Fernand Kartheiser